Trapen an der Aalstad

D'Lach bei der Klinik St. Francois

Hei geet et bei Mechelskierch

Trap beim Parvis virum Musée

Neierdéngs huet d'Stadverwaltung et mat den Trapen. Am Renovéirungsprogramm vun der Rue Sigefroi/Fëschmaart sinn hei e puer "Points critiques" entstanen:

1. **Déi schonn bekannten Trap beim Parvis virum Musée**
2. **Bei der Clinique St. François, Kräizung Breedewee**
3. **Virum Agaang vun der Mechelskierch**

D' Sigfriedstrooss an der Alstad huet en neie Belag krut an ass och nei aménagéiert ginn. Freier ass Strooss an Trottoiren dem natierlechen Buedem nogaang. Haut ass Villes begradegt ginn an e sëllechen Trapen sinn ageplangt a gebaut ginn.

Fakt ass, dass den éischten Dag nodeems de Chantier geraumt gouf, sinn zwou Dammen inklusive Rollator "d'Lach", bei der aller Klinik "St. François", Kräizung Breedewee erofgefall. Zwou Ambulanzen an en Dokter woren op der Platz. D' Aarbechter hunn provisoresch 2 Barrièren dohi gestallt fir Trapen ofzesécheren. Elo gesinn ech datt eis Responsabel Leit en «Gelännerchen» opgeriicht hunn. Ech huelen un dat et net déi definitiv Léisung ass, soss géif jo net nach eng Barrière (Garde-Fou) do stoen.

Mir weisen drop hin, dass hei schonn etlech Accidenter geschitt sinn, zu Fouss, mam Vëlo an esou guer mat dem Rollator! Deemno ewéi d'Sonn steet, sinn déi Geforequellen liicht z'iwersin. Et gesäit een, kommend aus der Fleeschiergaass, dat Lach op der Kräizung Breedewee an Sigfriedstrooss guer nët. De Buedem an Trapen sinn aus dem selwechte Steen. Et ass optesch keen Ënnerscheed ze gesinn wou Trapen ufänken an ophalen. Scho guer net wann d 'Sonn blénkt. Esou ass et och bei der Mechelskierch. Duerfir: d 'Aen op an de Brëll gebotzt!

Et muss gesot ginn, dat ausser den Trapen, d' Sigfried-Strooss gutt gelongen ass. Hoffe mir datt et keng Fassad-Steng sinn ewéi op dem Parvis virum Musée, do ass kee Steen méi ganz. Muséesplatz ass jo och e richteg Konschtwierk, "Ge-Trapels" ass nëmmen en Konschtfehler, oder wei soll én des Trapen nennen déi och nach op näischt ausginn, vläicht Falbrécken.

Sou dat wor et, bis de nächste Mechel. De Kregéiler.